Denis Scuto

# D'Veräinswiesen an der Lëtzebuerger Gesellschaft vun der Jorhonnertwend

„Die Jungen kommen und wachsen und gehen, nach Esch, nach Paris, nach Amerika. Als Tölpel fort, als große Herren zurück. Oder rennen sich draußen die Schädel ein." Esou beschreiwt de Schrëftsteller René Engelmann em 1913 de Liewenswee vun der Lëtzeboier Jugend.

Säi Vergläich wiirkt iwwerraschend. Wat verbënnt e risegt Land wéi d'Verenegt Staaten an eng Milliounemetropol wéi Paräis mat enger Stad vun e bësse méi wéi 15 000 Awunner aus dem Süden vun eisem Land, kéint een sech als Fro stellen ? Dobäi weist de René Engelmann op zwee Phenomener hin, déi alle béid d'Lëtzeboier Gesellschaft vum Enn vum 19. Jorhonnert a vum Ufank vum 20. Jorhonnert geprägt hun : d'provisoresch oder definitiv Auswanderung an d'industriell Revolutioun, déi eng grouss Wanderungsbewegung an de Süde vu Lëtzebuerg ausgeléist hun.

De jonke Borscht vum Duerf probéiert esou säi Gléck am Land vun den onbegrenzte Méiglechkeeten, déi aner Säit vum grousse Pull. Bei deem engen as d'Oarmut den Ausléiser, bei deem aneren éischter de Wonsch, eppes Neies a Grousses ze erliewen. Ganz Diirfer wéi Meeseburg oder Uewerschlënner bleiwen eidel a verlooss zeréck. Tëscht 1841 an 1891 wanderen nët manner wéi 70 000 Lëtzeboier aus. 70 000 bei enger Gesamtbevölkerung, déi sech 1839 op 175 000 an 1891 op 213 000 beleeft, dat sin der ganz vill. 1908 sin se zu Chicago zu hirer 16 000 Lëtzeboier, déi sech do niddergelooss hun.

*Den Denis Scuto as Historiker, des Ried gouf den 29. Abrëll 1991, am Kader vun der Séance jubilaire 100 Joër Union Grand-Duc Adolphe (1891-1991), am Cercle Municipal an der Stad gehalen.*

Oder awer den Doléiner vu Kaunduerf mécht sech op de Wee an d'lëtzeboiescht Eldorado iirgendwou am Bassin Minier, ugezun vu méi héije Léin. Der Landflucht am Norden entsprécht eng impressionnant Urbaniséierung am Süden vu Lëtzebuerg. Stied wéi Esch, Diddeléng, Déifferdéng, Rodange oder Péiténg spréisse wéi Champignonen aus dem Buedem.

Gemeinsam si béiden, nenne mer et Géigenden — Amerika an de Bassin minier —, nët nëmmen dës Hoffnung, ouni déi de Mensch näischt ënnerhëllt. Béid nei Heemechten wiirken och op den ongewarnten Visiteur wéi e „Melting Pot". Hei treffen sech Leit mat de verschiddenste Beruffer, hei begéinen sech Oarbechter vun de verschiddensten Nationalitéiten.

D'Lëtzeboier Gesellschaft as also am Ëmbroch um Enn vum leschte Jorhonnert, an d'Veräinswiesen — dat am Norden entstanen as — erliewt en ongeheieren Opschwong. Eréischt de Geescht vun där Zäit erklärt d'Ausmoossen, déi ënner anerem d'Union Grand-Duc Adolphe am Laf vun de Joren ugeholl huet.

### Parallel mam Uwuesse vun der Eisebunn

Ganz kloer as fir d'éischt den zäitlechen Zesummenhang tëscht der Ausbredung vum Veräinswiesen an der rapider Industrialiséierung vum Bassin minier zënter 1870. D'Uwuesse vun den Eisebunnslinnen, vun de Minen an den Héichuewen, an d'Multiplikatioun vun de Veräiner lafen zäitlech parallel. D'national Migratiounsbewegunge vum Norden an de Süden gin duerch d'Netz vun Eisebunnslinnen, Guillaume-Luxembourg zënter 1859, Prince-Henri zënter 1873 an d'Schmuelspuerbunnen mat hire familiären Nimm wéi de „Charly" oder de „Jhangeli", eréischt méiglech gemaach. D'jorzingtelaang Awanderung vun Oarbechter aus der Saar, aus Preisen, aus der Lorraine, aus der Belsch an dono aus Italien dréit hiirt zu der Bevölkerungsexplosioun an de Stied aus dem Minett bäi. Esou gouf eng éischt, wichteg Viraussetzung fir e bléiend Veräinswiese geschaf.

Woaren et am „Allgemeinen Luxemburger Musikverein" 1863 nach nëmme 26 Veräiner, déi matgemaach hun, sou sin et der 1891 dann och schon 116, déi vertruede sin. D'Veräinsliewe gët zum Massenphänomen, dat d'soziaalt Liewen vun alle Bevölkerungskreeser erfaasst duurch séng Villsäitegkeet. Niewent de Kulturveräiner, zu denen ee Gesangs-, Musek- an Theaterveräiner kann zielen, entwéckelen sech an de 90er Joren verstäärkt Turn- a Sportverbänn. Turnverbänn am wäiteste Sënn : sou organiséiert den 1889 gegrënnten Escher Turnveräin niewent deem wat mär als Turnübungen ugesinn, Concerten, Wettleef, Saklôfen, Toarteniessen, Bômkletteren, Ratenan Hënnkompetitiounen an inszenéiert dozou nach lëtzeboiesch Theaterstécker. Och d'Gesellegkeetsveräiner souwi d'Uebst- a Klengdéierverbänn mussen hei ernimmt gin.



**Wat huet déi Pionéier vun der Veräinsarbecht sangen, hiewen a renne gedoen ? Dat as eng Fro, déi mär eis haut vläicht net méi stellen.**

Wat huet déi Pionéiere vun der Veräinsoarbecht sangen, hiewen a renne gedoen ? Dat as eng Fro, déi mer eis haut vläicht nët méi stellen, well d'Veräinsliewen virun allem an eisem gesellege Lëtzebuerg à enger Selbstverständlechkeet gin as.

Déi meeschte vun dëse villsäitege Veräiner gin ëm 1900, an dat as keen Zoufall, an den neien Industriestied aus dem Süde gegrënnt, och wann op där aner Säit d'Pendler, déi no der Schicht oder um Enn vun der Oarbechtswoch nees an hiirt Duerf zeréckfueren, dozou bäidroen, souzesoë parallel eng Veräinsbereetschaft um Land ze entwéckelen.

Grad fir den Doléiner, dee virun honnert Joër vu Konschdréf oder vu Maacher erof op Esch kënnt a sech an enger Industriewelt erëmfënnt, wou alles nei as, wou alles, op der Oarbechtsplaz an an de Stroosse vill méi schnell geet wéi um Land, ze schnell oft, grad fir hee schaaft de Veräin nei Bindungen. De Veräin gët him Gebuergenheet, e gët zum Ersatz fir dat verloossent Hémechtsduerf, déi verluere Noperschaft, de verluerenen Zesummenhalt.

Et fänkt bei der Betriibskrankekeess, beim Oarbechterënnerstetzungsveräin oder beim katholeschen Oarbechterveräin un. Si gin him d'Garantie, datt en am Fall vu Krankheet, Akzident an Invaliditéit nët ganz eleng a verlooss dosteet an datt d'Solidaritéit vun den Oarbechtskollegen op d'mannst e puer Frangen erbäizaubert, déi puer Frangen, déi e virum Misär retten. Mee d'Veräiner am grousse ganzen, ob Sozial-, Kultur-, Gesellegkeets- oder Sportveräiner bidden an enger turbulenter Industriewelt e Minimum u Stabilitéit. Den Zougezunnene kann sech iwwert dee Wee an déi nei Ëmwelt afügen. Genausou wéi sech iwwert d'Veräiner, nach iirt Gewerkschaften am heitege Sënn bestin, nei Berufsgrenzen vollzéien. D'Mineuren, d'Eisebunner, d'Schmelzoarbechter, mee och d'Handwierker, d'Schoulmeeschteren sin hei oft ënnert sech.

### Typesch fir eng nei Liewensform

Virun allem awer sin d'Veräiner an der Lëtzeboier Gesellschaft vun der Jorhonnertwend typesch fir eng nei, industriell Liewensform, fir dat, wat een „Industriekultur" kéint nennen. D'Veräiner an hir Fester si wéi dozou beruff, déi industriell bestëmmte „Fräizäit" ze fëllen.

Déi genau festgeluechten Oarbechtszäit op der Schmelz zum Beispill, deemools meeschtens vu 6 bis 6, mat festgeregelte Pausen dotëschend, woar dat genaut Géigestéck zu deem un de Rhythmus vun der Natur gebonnenen, an nët vu Mënsch a Maschinn kënschtlech festgesatenen, Oarbechtsoflaf vum Bauer. D'Zäit no der Schicht, déi zynescherweis oft déi aner Haltschend vum Oarbechterliewen genannt gouf, huet nët je no der Saison konnte verlängert oder verkiirzt gin. Bei dës disziplinéiert Oarbechtszäit dobäi koum d'Monotoni vun der industrieller Oarbecht, déi nëmme schwéier ze erdroë woar. Den een lued d'Buggien d'ganzt Joër Dag fir Dag aus, den anere lued se op, den neechsten dréckt se bis bei den Héichuewen a kippt se. Dat woar d'Schmelz fir vill Oarbechter : d'Welt vun der zerstéckelter Oarbecht.

Fir dës Monotonie och nëmmen e bëssen ze kompenséieren, as een no engem laangen Oarbechtsdag am Musik- oder am Sportveräin zesummekomm. Fir am Kapp ofzeschalten genausou wéi fir säi Kiirper ze regeneréieren. Souwisou woar et entweder dat no der Schicht oder an iwwerfëllten Oarbechterkasären an a Pensiounen, wou d'Better ni kal gi sin, ze hänken, oder awer ënnenan am Café een an dann nach een an nach een ze drénken.

Aus dem monotonen Oarbechtsalldag entspréngt och dat Bedürfnis no Sensatioun um Sonndeg. An d'Sensatioun, dat woaren d'Veräinsfester, d'Veräinsëmzich, d'Reesen an d'Kompetitiounen. Déi Fester hun eis Grousselteren an eis Urgrousselteren e klengen, mee wichtegen Ament aus de Suergen ëm d'Existenz erausgerappt.

Wann se de fräie Sonndeg konnte genéissen, wat och erëm nët gesot woar. D'Fäll vun zwee Oarbechter, déi ech fir een Abléck aus der Anonymitéit vu verstëpste Betriibsarchiven wéilt erauszéien, sollen dëst illustréieren. Den éischte Schmelzer B. Bricher vun der Escher Metzeschmelz schafft zum Beispill am Joër 1896 342 Deg. Bal 30 24-Stonneschichten hätt den Oarbechter an deem Joër misse schaffen, fir sonndes ëmmer fräi ze hun. Dee Schmelzer as keen Eenzelfall. Den Hellefsoarbechter N. Kockelmann bréngt et op der Metzeschmelz am selwechte Joër 1896 op 344 Schaffdeg. Bei 4 Frang den Dag fir deen éischten, qualifizéierten Oarbechter an 2 an en halwen Frang den Dag fir den zweten, nët qualifizéierten Oarbechter, woar et och nët onbedingt ubruecht, fir manner ze schaffen. (1)

Déi kuurz fräi Ablécker kreativ selwer opfëllen a Form vum egene Gesang, vu Sport oder vun Theater, huet sech ëmsou méi opgedrängt wéi et am Géigesaatz zu haut keng Kulturindustrie gouf. An domadder och keng Méiglechkeet d'Kultur passiv, aus sénger Fotell ze verfolgen. Keen Theater nach an den neien Industriestied, keng Müseën. D'Veräiner hu missen dee Kulturdefizit opfëllen.

Déi ganz Organisatioun vun der Fräizäit woar dem verbassenen Engagement vun de Veräiner iwwerlooss, egal ob et drëm gaangen as, kiirchlech oder patriotesch Fester musikalesch ze encadréieren, Bildungsvirtreeg ofzehalen, Turnfestivalen ze organiséieren oder éischt Fussballsterrainen ze improviséieren.

### d'Monotonie vun der Oarbechtswelt durchbriechen

Déi puer Aspekter, déi ech hei nëmme gesträift hun, weisen déi ganz wichteg Roll vun de Veräiner an der Lëtzeboier Gesellschaft, déi duerch d'Industrialiséierung ëm d'Jorhonnertwend op d'Kopp geheit, awer och a virun allem op d'Zerräissprouw gestallt gin as.

D'Veräinsliewen huet den Oarbechter erlaabt, op d'manst en Deel vun hirem Liewe selwer ze gestalten an d'Monotonie vun hirer Oarbechtswelt ze duerchbriechen. Wéi hätten se soss dëst Liewen op der Schmelz oder an de Minen erdroën, a stänneger Gefor an an der alldeeglecher Ongewëssheet iwwer dat, wat moar gif geschéien ? Wéi hätten se soss déi Hoffnung op eng besser Zukunft fir sech a virun allem fir hir Kanner, mat där se an de Bassin minier gezu sin, behalen ?

D'Veräinsliewen huet awer och, an dat as deen anere grousse Verdingscht, dozou bäigedroen, eng komplett zesummegewürfelt Mass vu Mënschen an eise Stied mateneen a Kontakt ze bréngen, ze verbannen an ze verbridderen. D'Veräiner hun, méi nach vläicht wéi de Feierwon, déi eenzel Regioune vun eisem Land bei Geleeënheet vun hire Fester a Concouren zesummegefouert an esou entscheedend zur Schafung vun dem Nationalgefill bäigedroen, an déi de Prënz Hary 1867 virum „Allgemeinen Luxemburger Musikverein" appeléiert hat an dat vu gréisster Wichtegkeet fir d'Weiderbestoen vun eiser Onofhängegkeet sollt sin.

Lieweg bliwwen as awer bis haut nët nëmmen eis national Souverainitéit, mee och, dës Feierlechkeeten ënnersträichen et, mat der „Union Grand-Duc Adolphe" e wichtegt Element vun eiser fréierer Industriekultur.

---

(1) Den Netto-Joresverdingscht vum 1. Schmelzer B. Bricher beleeft sech am Joër 1896 op 1 308,85 Frang. Den Hëllefsoarbechter N. Kockelmann bréngt et 1896 nëmmen op 844,40 Frang. As dat duer gaange fir ze liewen, as d'Fro, déi mer eis direkt stellen ? Den Emile Mayrisch, deemools Direkter vun der Diddelénger Schmelz, huet, opgrond vun engem konkrete Fall, „Joresbudgeten" fir en Oarbechterhaushalt vu 5 Persounen (Papp, Mamm, dräi Kanner) opstelle looss fir d'Joren 1896, 1902 an 1906. An deene Budgeten fanne mer vun Ausgaben nëmmen dat Néidegst. No dene Berechnungen hätt en Oarbechterstot vu 5 Persounen 1 436,35 Frang missen ausgin, fir einegermoossen dezent ze liewen.

Suguer den éischte Schmelzer, ee vun de bescht bezuelten Oarbechter virun der Jorhonnertwend, erreecht déi Zomm nët, vum Hëllefsoarbechter nët ze schwetzen. Den Zivilstand vun denen zwee Oarbechter as mer leider nët bekannt. Ugedeit gin awer duerch dës Géigeniwwerstellung Problemer, mat denen d'Mass vun den Oarbechter ëm d'Jorhonnertwend konfrontéiert woar : e Liewen um Rand vum Existenzminimum ; d'Noutwendegkeet vun engem Nieweverdéngscht ; d'Liewenswichtegkeet fir de Stot vun der Oarbecht vu Fra a Kanner . . .